LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Léon Gloden, Inneminister, an der Madamm Elisabeth Margue, Justizministesch op d'parlamentaresch Fro N° 4291 vum 26. Juni 2026 vum Här Deputéierten Tom Weidig iwwer d'Sécherheet am ëffentlechen Transport.**

1) *Zanter wéini ass de Sécherheets- an Aktiounsplang vun der CFL am Asaz? Wéi laang sollen déi nei Mesuren aktiv sinn?*

D'CFL verfüügt zënter 2007 iwwer en Aktiounsplang am Beräich vun der Sûreté, dee reegelméisseg un d'Entwécklung vun de Risiken, den operationelle Kontext an d'Prioritéite vum Grupp ugepasst gëtt. Den aktuell gültege Sûreté Aktiounsplang bezitt sech op d'Joer 2026 a gëtt véiereljäerlech aktualiséiert. Déi meescht Mesurë si fir d'Joer 2026 virgesinn, wärend verschidde strukturell Mesuren an engem méi laangfristege Kader ëmgesat ginn, mat Fristen déi bis 2027 oder 2028 reechen an, fir verschidde Sensibiliséierungs-, Kommunikatiouns- a Verbesserungsmoossnamen, bis 2030.

2) *Wat sinn déi Haaptmesuren? Wéi vill Personal gëtt heifir zur Verfügung gestallt? Wat sinn déi Extrakäschten?*

Den Aktiounsplang am Beräich vun der Sûreté 2026 vum CFL-Grupp ëmfaasst 69 Aktiounen, déi dozou bäidroen, d'Sûreté vun de Reesenden, dem Personal an den Infrastrukturen ze stäerken. Dës Moossname konzentréiere sech haaptsächlech op folgend Schwéierpunkten :

- d'Verstäerkung vun der Presenz an der operationeller Koordinatioun, notamment duerch gemeinsam Asätz mat der Police grand-ducale, der Douane an de private Sécherheetsfirmen ;
- d'Verbesserung vun de Kapazitéite fir Sécherheetsvirfäll ze geréieren, ënner anerem duerch d'Etüd an d'Aféierung vun engem Poste de Commandement Sûreté, kuerz PCS ;
- d'Weiderentwécklung an d'Moderniséierung vun den technesche Sûreté Moyenen, notamment der Videoprotektioun, den Alarméierungsinstrumenter an der Analys vun neien Technologien ;
- d'Verstäerkung vun der nationaler an internationaler Zesummenaarbecht mat institutionelle Partner, Transportoperateuren an europäeschen Eisebunnsgesellschaften;
- d'Formatioun, d'Sensibiliséierung an d'Begleedung vum Personal ;
- Moossname fir d'Sécherheetsgefill vun de Reesenden an dem Personal ze stäerken ;
- d'Iwwerpréiwung an d'Harmoniséierung vum reglementaresche Kader fir Garen, Arrêten an Zich.

Den Aktiounsplang am Beräich vun der Sûreté 2026 betrëfft de ganzen CFL-Grupp a mobiliséiert, jee no Aktioun, verschidde Servicer a Funktioune vum CFL-Grupp souwéi extern Partner. Seng Ëmsetzung baséiert haaptsächlech op de bestoende Ressourcë vun der CFL, déi bei Bedarf duerch extern Déngschtleeschter oder spezifesch Projeten ergänzt ginn.

An dësem Kontext ëmfaasst de Gardiennage Dispositiv ënner anerem eng permanent oder verstäerkt Presenz an de wichtegste Garen um Netz, ergänzt duerch mobil Sécherheetsekippen, déi op verschiddene CFL-Sitten agesat ginn. Doriwwer eraus huet CFL pro Dag ronn 30 Sécherheetsagenten an den Zich am Asaz mat deenen eng 15% vun den Zich begleet ginn.

Wéi virdru beschriwwen, ëmfaasst den Aktiounsplang am Beräich vun der Sûreté Aktiounen, déi vu verschiddenen Direktiounen a Servicer vum CFL-Grupp souwéi vun externe Partner gedroe ginn. Wéinst dëser transversaler Approche ass de Plang weder un en eenzegen dédiéierten Effectif nach un e spezifesche Gesamtbudget gekoppelt. De Besoin u personellen a finanzielle Ressourcë gëtt fir all Aktioun eenzel evaluéiert an an déi üblech Validatiouns- a Budgetiséierungsprozesser vum CFL-Grupp integréiert.

3) *Huet d'CFL scho Verbesserunge festgestallt? Wa jo, a wat fir engem Beräich? Kann een dat mat engem Réckgang vu Virfäll beleeën? Kéinte mir heifir, d'Statistiken iwwer déi lescht 5 Joer kréien?*

Bis elo betreffen déi wichtegst festgestallte Verbesserungen virun allem déi verstäerkt Koordinatioun tëscht de Partner, e bessere Suivi vun de Sécherheetsleeschtungen, d'Weiderentwécklung vun de Reporting Instrumenter an e méi strukturéierten Informatiounsaustausch am Zesummenhang mat Incidenten.

Konkret weisen sech dës Verbesserungen ënner anerem duerch :
- eng verstäerkt Zesummenaarbecht mat der Police grand-ducale, der Douane an aneren institutionelle Partner ;
- eng Erhéijung vun de gemeinsamen a geziilte Kontrollaktiounen an den Zich, de Garen an den Arrêten ;
- en Ausbau vum Austausch mat aneren Transportoperateuren an europäeschen Eisebunnsgesellschaften, fir bewäert Praktiken z'identifizéieren an z'iwwerhuelen ;
- eng Verstäerkung vun de Sensibiliséierungs- an de Preventiounsmoossname fir d'Personal an de Client ;
- déi weider Entwécklung vun der Videoprotektioun an den Instrumenter fir d'operationell Koordinatioun ;
- eng verstäerkt Presenz an eng besser Visibilitéit vun de Sûreté Dispositiver an den Zich, de Garen an den Arrêten ;
- eng verbessert operationell Koordinatioun tëscht der CFL an hirem Sécherheetsdéngschtleeschter duerch reegelméisseg Suivi-Reuniounen, gemeinsam Reporting Instrumenter an e verstäerkte Suivi vun de Sécherheetsleeschtungen.

Wat d'Statistiken iwwer Incidente betrëfft, esou féiert d'CFL all Joer e strukturéierte Suivi vun hiren Donnéeën am Beräich vun der Sûreté. D'Statistike vun de leschte fënnef Joer fannt Dir hei ënnen drun.

Wéi och schonn an der Réunioun vum *comité de pilotage dédié à la sécurité dans les transports publics* (COPIL) vum 21. Juli 2026, wou ënnert menger Leedung all déi concernéiert Akteuren zesummen kommen, konstatéiert gouf, ass d'Zuel vun de gemellten Tëschefäll an de leschte fënnef Joer net zeréckgaangen. Dobai gouf awer och ënnerstrach, dass dës Entwécklung sech och zum Deel, béi enger Erheijung vun den Passagéierzuelen, duerch d'Stäerkung vun der Meldekultur, souwéi duerch déi progressiv Digitaliséierung vum Meldeprozess iwwer den Tool Incidel erkläert. An der Réunioun gouf och ënnerstrach, dass déi systematesch Meldekultur an eng transparent Auswertung vun dësen Zuelen eng wichteg Etapp ass, fir dësen Tendenzen systematesch entgeintzesteieren.

Esou gouf zum Beispill d'Personal verstäerkt sensibiliséiert an d'Meldeprozedure goufe vereinfacht an harmoniséiert, esou datt haut eng méi systematesch, méi séier a méi vollstänneg Meldung vun Tëschefäll méiglech ass wéi fréier.

Fir op dës Tendenzen ze reagéieren, setzt d'CFL z.B. hir Efforte weider fort, fir d'Sécherheet vun hire MataarbechterInnen ze stäerken, notamment duerch eng verstäerkt Presenz vu SécherheetsagentInnen, gemeinsam Aktioune mat der Police an der Douane souwéi duerch verschidde Moossname fir Präventioun a Sensibiliséierung.

Eng positiv Entwécklung ass allerdéngs bei der Gravitéit vun den Aggressioune géint CFL-MataarbechterInnen festzestellen. Trotz enger héijer Unzuel u gemellte Virfäll ass d'Zuel vun de schwéiere kierperlechen Aggressiounen net am selwechte Mooss geklommen, verschidde Kategorie weisen esouguer e markante Réckgang op. Esou ass d'Zuel vun de gemellte Virfäll vun Uspäize géint CFL-MataarbechterInnen vun 23 Fäll am Joer 2024 op 9 Fäll am Joer 2025 zeréckgaangen, wat engem Réckgang vu ronn 61 % entsprëcht. Och d'Zuel vun de kierperlechen Ugrëff mat Blessuren ass am selwechten Zäitraum vun 8 op 2 Fäll gefall.

Dës Entwécklung léisst dorop schléissen, datt déi villfälteg Präventiouns- a Schutzmoossnamen, déi d'CFL an de leschte Joren ëmgesat hunn, eng positiv Wierkung op d'Sécherheet vum Personal hunn.

Gesamtzuel vun de gemellten Virfäll:

| Entreprise | CFL | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Type incident | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
| Agressions sur agents | 123 | 168 | 192 | 215 | 284 |
| Agressions sur tierces personnes | 71 | 150 | 375 | 443 | 492 |
| Comportements inconvenants ss errants | 296 | 344 | 1191 | 1133 | 1189 |
| Délits | 93 | 228 | 597 | 729 | 699 |
| Vandalismes | 23 | 56 | 166 | 265 | 245 |
| **Total** | **606** | **946** | **2521** | **2785** | **2909** |

**Remarque:**
***Comportement inconvenant ss errant :****Nbre CI sans les signalements des personnes errantes*

Aggressioune géint CFL-MataarbechterInnen:

| Entreprise | CFL | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Filtre type agression | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
| Agressions - Harcèlement (moral) | | | 3 | 1 | 8 |
| Agressions - Harcèlement (sexuel) | 2 | 2 | 4 | 2 | 16 |
| Agressions physiques - Atteinte corporelle | 10 | 12 | 5 | 9 | 16 |
| Agressions physiques - coups avec blessure | 1 | 5 | 7 | 8 | 2 |
| Agressions physiques - coups sans blessure | 5 | 10 | 10 | 14 | 12 |
| Agressions physiques - Crachat | 8 | 9 | 5 | 23 | 9 |
| Agressions verbales - Insultes | 91 | 124 | 145 | 140 | 194 |
| Agressions verbales - Menaces | 5 | 6 | 10 | 17 | 24 |
| Agressions verbales - Menaces à l'appui d'un objet | 1 | | 3 | | 3 |
| Autres agressions | | | | 1 | |
| **Total** | **123** | **168** | **192** | **215** | **284** |

4) *Wéi gesäit et mam Täterprofil aus, par rapport zur Nationalitéit an zum Residenzstatus? Eises Wëssens, sinn d'Informatiounen, fir dës Statistik ze maachen an der App JU-CHA, déi vu Police a Justiz benotzt gëtt. Kann de Minister konfirméieren datt dat de Fall ass?*

Wéi schonns kloer an der Äntwert op d'parlamentarsch Fro N°3350 exposéiert, gëtt d'Plaz wou eng Strofdot begaange gouf an der Datebank vun der Justiz, JU-CHA, net als spezifesche Krittär agedroen:

*"Par ailleurs, le lieu de commission de l'infraction ne constitue ni un élément constitutif ni une circonstance aggravante des infractions pénales pertinentes. Dès lors, ce renseignement n'est pas enregistré en tant que tel dans la base de données JUCHA, ce qui exclut la possibilité d'effectuer une recherche ciblée sur ce critère."*

Et ass deemno net méiglech am JU-CHA erauszefilteren, ob eng Strofdot am ëffentlechen Transport oder op enger anerer Plaz begaange gouf.

5) *Wéi gesäit et mat der Koordinatioun tëschent CFL-Personal, private Sécherheetsdéngschter an der Police um Terrain aus?*

D'Koordinatioun um Terrain baséiert op operationelle Prozeduren, déi tëscht der CFL an der privater Sécherheetsfirma definéiert goufen. D'SécherheetsagentInnen stinn a permanenter Verbindung mat de Responsabele vun der CFL, koordinéiere sech virun der Ofrees vun den Zich mat den CFL-AgentenInnen, mellen all festgestallten Incident direkt a stellen detailléiert Interventiounsrapporten zur Verfügung. D'SécherheetsagentInnen gräife jee no Situatioun op d'Ënnerstëtzung vun der Police zeréck.

Tëscht der CFL an der Police besteet eng gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht, déi op engem reegelméissegen Informatiounsaustausch an enger enk koordinéierter Operatioun um Terrain baséiert. Dës Koordinatioun baséiert zousätzlech op reegelméissege Suivi-Reuniounen, dem Austausch vun Incidenterapporten, gemeinsame Reporting Instrumenter souwéi op harmoniséierten operationelle Prozeduren tëscht der CFL an hirem Sécherheetsdéngschtleeschter.

Am Fall vun enger Urgence sollen déi privat Sécherheetsdéngschter souwéi CFL-Personal de Virfall iwwert den 113 mellen. Um Centre d'Intervention National (CIN) gëtt de Virfall analyséiert an der zoustänneger Police-Regioun zougeuerdent. Duerno gëtt déi nooste Policepatrull op d'Platz geschéckt.

Um Terrain sammele PolicebeamtenInnen all néideg Informatiounen an Elementer fir festzestellen, ob et sech em en Trouble à l'ordre public an/oder e fait judiciaire handelt.

Op Basis vun de gesammelten Informatiounen an Elementer ginn déi entspriechend Prozeduren applizéiert, esou wéi se an den Déngschtvirschrëften a Gesetzestexter virgesi sinn.

6) *Ass et virgesinn dëse Plang am ganzen ëffentlechen Transport, zumools bei de Busser (AVL, RGTR an TICE), unzewenden?*

Den Aktiounsplang, dee vun der CFL mat der Ënnerstëtzung vum Mobilitéitsministère ausgeschafft gouf, gëllt fir den Eisebunnsreseau, wou Personal an de grousse Garen an an den Zich agesat gëtt.

Esou wéi an der parlamentarescher Fro Nr. 4255 schonns erkläert gouf, ass de Gesetzesprojet 8335 um legislative Wee, an dëse Projet de loi, huet als Dispositioun fir sech op all d'Bedreiwer vum ëffentlechen Transport z'applizéieren.

Wéi an der COPIL zeréckbehalen, wäert dëse Gesetzesprojet e kloer definéierte Rechtscader, souwuel fir d'Ëmsetzung vu Preventiounsmoossnamen, fir d'Videoiwwerwaachung, ewéi och fir Sanctiounen, wa Leit d'Reegelen net respektéieren schaafen, an dëst am ganzen ëffentlechen Transport.

Nieft der Ëmsetzung vum Projet de loi 8335, wann d'Gesetz bis a Kraft ass, ass och wéi an der COPIL ënnerstrach gouf, den weideren Ausbau vun den Kabinnen an den staatlech organiséierten Busser eng wichteg Entwécklung. 6 vun 10 Coursen ginn haut mat Bussen ausgefouert wou eng Kabin der Buschauffeuse an den Buschauffeuren méi Sécherheet garantéiert.

Nieft der Installatioun vu Kabinnen, der Weiderentwécklung vum gesetzleche Kader, der Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet an dem Personal, an der Begleedung duerch Sécherheetspersonal, huet d'COPIL nach emol kloer fesgehalen, dass all d'Akteuren zesummen un engem Strang zéihen, fir eng méi sécher, respektvoll an zougänglech Mobilitéit fir jiddereen am Land ze schaafen.

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES